- Le 18 septembre 2025, les membres du conseil communal ont assisté à l'inauguration officielle du complexe GridX à Wickrange.
- Le même soir, une présentation publique du projet des logements «Am Dall» du Fonds du Logement a eu lieu au Pëtzenhaus.
- Le 22 septembre 2025, une réunion a rassemblé les collèges échevinaux de Reckange-sur-Mess et de Mondercange pour un échange d'idées intercommu-

nales, telles que la création éventuelle d'un hall sportif ou d'une piscine partagée.

- Le 26 septembre 2025, la commune a signé une convention avec les Archives nationales (ANLux) concernant la mise en ordre et la gestion des archives communales. (voir aussi page 17)
- À vos calendriers:
 - Le 4 octobre 2025 aura lieu l'excursion communale en Lorraine.
 - Le 12 octobre 2025 aura lieu la messe de la Journée de la Commémoration Nationale.
 - Le 18 octobre 2025 aura lieu l'Urban Nightcross dans le noyau du village de Reckange, en coopération avec le Cycling Team Kayldall.
 - Le 25 octobre 2025 aura lieu le Halloweenlaf, la grande course de bienfaisance, près de l'atelier communal.
 - Le 6 novembre 2025 aura lieu la prochaine séance publique du conseil communal.
 - Le 20 novembre 2025 aura lieu une réunion de travail sur la nouvelle école Kleesenberg ainsi qu'une conférence publique sur les fouilles archéologiques de la Klaus. (voir page 35)
 - Le 27 novembre 2025 aura lieu une réunion de travail autour du budget 2026.
 - Le 29 novembre 2025 aura lieu le traditionnel Marché de Noël à Reckange.
 - Le 11 décembre 2025 aura lieu la dernière séance publique de l'année avec vote du budget 2026.

2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

3. Modification du budget ordinaire de l'exercice 2025

Le conseil communal approuve à l'unanimité les modifications du budget ordinaire 2025, visant à permettre le versement de subsides pour l'achat de vélos et de pécédcs25 à nos citoyens. Le budget initial ayant été dépassé, cette adaptation reflète le succès croissant du cyclisme sur le territoire communal.

4. Décision sur l'inscription de trois crédits nouveaux au budget extraordinaire de l'exercice 2025

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'inscription de trois crédits nouveaux au budget extraordinaire 2025, concernant des projets de mobilité sur le territoire communal. Il s'agit d'une dépense et de deux recettes destinées à accompagner le développement d'infrastructures favorisant une mobilité durable.

5. Approbation d'un morcellement au lieu-dit «Am Dall» à Reckange-sur-Mess

Le conseil communal approuve à l'unanimité le morcellement d'un terrain situé «Am Dall» à Reckange-sur-Mess en six parcelles, dans le cadre du projet du Fonds du Logement. Le site accueillera deux résidences de six unités chacune, ainsi que quatre maisons unifamiliales.

6. Approbation de devis extraordinaires

a. Mise en conformité du passage pour piétons et aménagement de trottoirs traversants à Wickrange

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis relatif à la réorganisation de l'entrée de la rue du Bois à Wickrange, incluant également la modernisation de l'arrêt de bus «Rumbaach». Le projet comprend notamment la mise en conformité et l'illumination du passage pour piétons, ainsi que la réalisation de trottoirs traversants, apportant une plus-value en termes de sécurité et de lisibilité pour tous les usagers.

b. Aménagement d'un chemin piétonnier entre la rue Langenbetten et la rue de l'École à Ehlinge

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis établi par le service technique communal pour l'aménagement d'un chemin réservé aux piétons, reliant l'aire de jeux dans le lotissement Langenbetten à la rue de l'École. Ce chemin facilitera les déplacements sécurisés des enfants et

améliorera les connexions douces au sein du village.

c. Travaux de réaménagement des tombes abandonnées au cimetière de Reckange-sur-Mess

Le conseil communal approuve à l'unanimité les travaux de désaffectation de tombes abandonnées dans le cimetière de Reckange-sur-Mess. Ces travaux concernent uniquement les éléments visibles en surface (stèles, monuments, encadrements). Aucun reste funéraire souterrain ne sera touché, dans le respect total des défunts et des dispositions réglementaires.

7. Approbation d'un règlement temporaire de la circulation pour l'aménagement d'un arrêt de bus scolaire provisoire dans la rue du Centre à Ehlinge

Le conseil communal approuve à l'unanimité un règlement temporaire de circulation pour l'aménagement d'un arrêt de ramassage scolaire sécurisé dans la rue du Centre à Ehlinge. Ce dispositif est mis en place dans le cadre du sens unique actuellement instauré dans la rue des Trois Cantons entre Wickrange et Ehlinge, afin de garantir la sécurité des élèves.

8. Décomptes relatifs à des travaux extraordinaires:

Le conseil communal approuve à l'unanimité

- a. un décompte intermédiaire dans le cadre de la construction de la nouvelle Maison Relais, permettant à la commune d'introduire la dernière tranche d'un subside,



De 26. September 2025 hunn d'Madamm Direktesch vun den Nationalen Archiven (ANLux) an den Här Buergermeeschter vun der Gemeng Reckeng op der Mess d'Ënnerschrëft vum kommunalen Tableau de Tri officialiséiert, esouwéi e Kooperatiounskontrakt tëschent den ANLux an der Gemeng. / Le 26 septembre 2025, la Directrice des Archives nationales (ANLux) et le bourgmestre de la commune de Reckange-sur-Mess ont officialisé la signature du tableau de tri communal ainsi qu'un contrat de coopération entre les ANLux et la commune.

V.L.n.r. / D.g. à d.: Jenny Mannes (responsable des archives communales), Josselin Daubas (archiviste ANLux), Carlo Muller (bourgmestre), Josée Kirps (directrice ANLux), Magali Soler (cheffe du service Collecte, conseil et encadrement ANLux) et Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

- b. un décompte définitif relatif à la réfection de la couche de roulement dans la rue Jean-Pierre Hilger à Reckange-sur-Mess.

9. Approbation de deux contrats de bail à fermage

Le conseil communal approuve à l'unanimité deux contrats de bail à fermage portant sur des terrains appartenant à la commune. Le premier concerne des parcelles situées à Roedgen, mises à disposition d'agriculteurs, représentant une surface totale de 49,20 ares. Le second concerne des terrains situés à Ehrlange.

10. Approbation d'une convention concernant des projets de protection de la nature à réaliser en 2025

Le conseil communal approuve à l'unanimité une convention conclue avec le SICONA, portant sur la mise en œuvre d'un projet de plantation de 18 arbres fruitiers sur des terrains à Reckange-sur-Mess mis à disposition par une famille locale. Les vergers seront entretenus par le SICONA et serviront également de zone de pâturage pour moutons, favorisant ainsi la biodiversité locale.

11. Approbation de deux actes notariés

Le conseil communal approuve à l'unanimité deux actes notariés, le premier étant relatif à l'acquisition de surfaces forestières (34,15 ar) et de terres labouables (20,65 ar), dans une perspective de gestion durable du foncier communal. Le second acte concerne une cession gratuite de la parcelle sur laquelle se situe le cimetière de Limpach, dans le cadre d'une prescription trentenaire, permettant à la commune de disposer de ce terrain.

12. Piscine Mondercange Dippach - Approbation d'un nouvel avenant à la convention

Le conseil communal approuve à l'unanimité un nouvel avenant à la convention PIMODI, fixant un nouveau prix de participation de la commune pour l'organisation des leçons de natation au bénéfice des élèves de l'école fondamentale. Cette augmentation est justifiée par la hausse des prix de l'énergie, des charges salariales et l'évolution de l'index.

13. Projets de plan d'action de lutte contre le bruit dans l'environnement - avis du conseil communal

Le conseil communal émet à l'unanimité un avis favorable concernant le projet de plan d'action de lutte contre le bruit dans l'environnement, tel que présenté par les autorités compétentes.

14. Nouvelle fixation du prix de vente pour les repas sur roues

Le conseil communal approuve à l'unanimité la nouvelle fixation des prix de vente des repas sur roues. Les frais de livraison continueront à être pris en charge par la commune, afin de garantir un accès équitable à ce service pour les bénéficiaires.

15. Approbation d'un nouveau règlement communal relatif à l'allocation de subsides ordinaires annuels aux associations communales et subsides extraordinaires

Le conseil communal approuve à l'unanimité un nouveau règlement communal relatif à l'octroi de subsides ordinaires et extraordinaires aux associations locales. Cette reformulation vise à assurer une meilleure équité, en mettant l'accent sur l'activité réelle des associations sur le territoire communal, les initiatives personnelles ainsi que la participation aux événements officiels de la commune.

16. Office social commun à Mamer - nomination d'un représentant communal au conseil d'administration à partir du 1^{er} janvier 2026

Le conseil communal approuve à l'unanimité la nomination de Monsieur Arsène Guerkingen en tant que représentant de la commune de Reckange-sur-Mess au conseil d'administration de l'Office social commun de Mamer, à partir du 1^{er} janvier 2026.

17. Approbation d'un contrat de concession temporaire du cimetière de la commune de Reckange-sur-Mess

Le conseil communal approuve à l'unanimité un contrat de concession temporaire au sein du cimetière communal de Reckange-sur-Mess.

18. Organisation scolaire 2025/2026

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'organisation scolaire définitive pour l'année 2025/2026, telle que présentée par Monsieur l'échevin Christian Tolsdorf.

19. Divers (questions au collège échevinal)

En fin de séance, plusieurs questions ont été soulevées et discutées:

une demande a été formulée concernant la probabilité d'une mise en place de nouvelles lignes de bus reliant Wickrange et le complexe GridX à la gare de Dippach, une fois les travaux en sens unique achevés.

Concernant l'éclairage public, il a été rappelé que celui-ci avait exceptionnellement été laissé allumé en raison des récentes intempéries, afin de faciliter d'éventuelles interventions nocturnes.

Enfin, une question a été posée sur la possibilité de nettoyer la façade avant de l'église de Reckange-sur-Mess ainsi que son parvis à l'aide d'un nettoyeur haute pression.

Séance à huis clos

Le dernier point concernant des affaires du personnel et a donc été traité à huis clos.

Sëtzung vum Gemengerot vum 2. Oktober 2025

Uwiesend: Carlo Muller (Buergermeeschter), Christian Tolksdorf, Marc Ludwig (Schäffen), Nicole Thorn, Dominique Da Costa, Claire Pépin, Yann Kohl (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengeseekretär)

Entschëllegt: Sonja Heyard, Robert Leclerc (Conseilleren)

Virum Ufank vun der Seance hat de Gemengerot déi grouss Freed, zwee jonk Verrieder aus dem Schülerrot vum Schouljoer 2024/2025 ze begréissen, fir de Bilan vun hire Projekte virzestellen. Zu de wichtegste Realisatiounen zielen:

- d'Konzeptioun an d'Realisatioun vun der „Frëndschafsbänk“, déi elo am Schoulhaff steet,
- den Design an de Verkaf vun engem personaliséierte Kaputzepullover, fir hire pedagogeschen Zirkusprojet ZapZarapp finanziell z'ënnerstëtzen,
- an déi aktuell Matwierkung un der Gestaltung vum zukünftege Schoulhaff am Kader vum Projet vun der Erweiderung vun der neier Schoul Kleesebiereg.

Den Här Buergermeeschter Carlo Muller schléit dem Gemengerot vir, en zousätzleche Punkt op d'Dagesuerdnung ze setzen: déi definitiv Schoulorganisatioun vum Joer 2025/2026. Iwwert dëse Punkt gëtt um Enn vun der Sëtzung deliberéiert.

1. Informatiounen vum Schäfferot

- De 25. Juli 2025 huet d'Gemeng Reckeng op der Mess d'Naturpakt-Trophée entgéintgehol, als Unerkennung vum éischten errechten Niveau am nationale Programm fir Biodiversitéitsschutz.
- De 6. August 2025 huet de Schäfferot un der Commemoratiounszeremonie zu Woolsz deelgeholl, unlässlich vum 80. Anniversaire vum Atom-bombenanschlag op Hiroshima an am Kader vun der Bedeelegung un der internationaler Friddensbewegung „Mayors for Peace“.
- Den 8. August an den 2. Oktober 2025 hu Verrieder vum Institut national du patrimoine architectural (virdrun „Sites et Monuments“) d'Hengeschaus zu Eileng besicht. De Projet, Wunnenge fir jonk Leit a Studenten ze schafen, bleift aktuell. Gläichzäiteg sollen erhalenswäert Elementer vum Gebai konservéiert ginn. E Klassement vum Gebai ass amgaangen, wat der Gemeng géif erlaaben vu Subsiden fir d'Restauratioun vum Gebai ze profitéieren.
- De 26. August 2025 huet de Gemengerot an d'Gemengepersonal um traditionellen Ausflug op d'Schueberfouer deelgeholl.
- Den 18. September 2025 huet de Gemengerot un der offizieller Aweigung vum GridX-Komplex zu Wickreng deelgeholl.
- Dee selwechten Owend gouf déi öffentlech Virstellung vum Wunnprojet „Am Dall“ vum Fonds du Logement am Pétzenhaus ofgehalen.

- Den 22. September 2025 hu sech d'Schäfferéit vu Reckeng op der Mess a Monnerech zesumme-fonnt, fir sech iwwert Iddien am interkommunale Kontext z'ënnerhalen, wéi z.B. eng gemeinsam Schwämm oder eng gemeinsam Sportshal.
- De 26. September 2025 huet d'Gemeng eng Konventioun mat den Archives nationales (ANLux) fir d'Reorganisatioun an d'Gestioun vun de Gemen-genarchiven ënnerschräwwen. (cf. S. 17)
- Fir an d'Kalenner:
 - Samschdes, de 4. Oktober 2025 fënnt de Gemengenausflug an d'Lorraine statt.
 - Den 12. Oktober 2025 fënnt d'Mass am Kader vum Nationale Gedenkdag an der Reckenger Kierch statt.
 - Den 18. Oktober 2025 organiséiert d'Gemeng, an Zesummenaarbecht mam Cycling Team Kayldall, den Urban Nightcross am Du-erfkär vu Reckeng.
 - De 25. Oktober 2025 fënnt den Halloweenlaf beim Gemengenatelier statt.
 - De 6. November 2025 ass déi nächst öffentlech Sëtzung vum Gemengerot.
 - Den 20. November 2025 fannen zwou Reuni-one statt: eng Aarbechtsreunioun iwwert déi nei Schoul Kleesebiereg an eng öffentlech Kon-ferenz iwwert d'Ausgruengungen um Site vun der Klaus (kuckt och Sait 35).
 - De 27. November 2025 steet eng Aarbechts-reunioun vum Gemengerot zum Thema Bud-get 2026 um Programm.
 - Den 29. November 2025 fënnt den traditio-nelle Reckenger Chrëschtmaart statt.
 - Den 11. Dezember 2025 fënnt déi lescht öf-fentlech Seance vum Gemengerot vum Joer statt, an där de Budget 2026 gestëmmt gëtt.

2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Ge-mengerotssëtzung

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter öffentlecher Sëtzung.

3. Ännerung vum ordinäre Budget fir d'Joer 2025

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Modifikati-onen um ordinäre Budget 2025, fir weiderhin d'Aus-bezuele vu Subsiden un d'Bierger beim Kaf vu Vëloen a Elektrovëloen z'erméiglechen. Wéinst dem ëmmer méi groussen Succès vum Vëlosport an der Gemeng war de Budget fréizäiteg iwwerschratt ginn.

4. **Entscheidung iwwert d'Aschreiwe vun dräi neie Kreditter am extraordinäre Budget fir d'Joer 2025**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Aschreiwe vun dräi neie Kreditter am extraordinäre Budget 2025. Et handelt sech dobäi em eng Ausgab an zwou Recetten am Zesummenhang mat Entwécklungspläng a Mobilitéitsprojeten um Gemengenterritoire.

5. **Geneemegung vun engem Morcellement vun engem Terrain „Am Dall“ zu Reckeng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Morcellement vun engem Terrain "Am Dall" zu Reckeng a sechs Parzellen, am Kader vum Projet vum Fonds du Logement. Um Site sollen zwou Residenze mat jeeeweils 6 Wunneenheeten entstoën an zousätzlech och nach 4 Eefamilljenhaiser.

6. **Geneemegung vun extraordinären Devisen**

a) **Upassung vum Foussgängeriwergank an der Rue des Trois Cantons a Schafung vun Trottoirs traversants an der Rue du Bois zu Wickreng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Devis fir d'Reorganisatioun vum Agank vun der Rue du Bois zu Wickreng, inklusiv der Modernisatioun vun der Bushaltestell „Rumbaach“. De Projet ëmfaasst d'Astandsetzung an d'Belichtung vum Foussgängeriwergank souwéi d'Uleeë vun duerchgehenden Trottoiren – ee klore Plus fir

d'Sécherheet vun de Foussgänger an dësem Deel vun der Strooss.

b) **Uleeë vun engem Foussgängerwee tëschent der Rue Langenbetten an der Rue de l'École zu Eileng – Ofstëmmung iwwert e spezielle Kredit**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Devis vum Service technique fir d'Realisatioun vun engem Foussgängerwee, deen d'Spillplaz an der Cité Langenbetten mat der Rue de l'École verbënnt. Domat gi sécher Verbindunge fir Kanner an eng zousätzlech douce Mobilitéit an der Uertschaft geschaaft.

c) **Reamenagement vun hannerloossene Griewer um Kierfecht vu Reckeng op der Mess**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Aarbechte fir d'Desaffektatioun vun ale Griewer um Kierfecht zu Reckeng op der Mess. Et ginn ausschliisslech sichtbar Elementer ewechgeholl (Grafsteng oder Monumenter). D'Buedemsubstanz an all Iwwerreschter bleiwen natierlech onberéiert.

7. **Geneemegung vun engem provisoeresche Verkéiersreglement am Kader vum Amenagement vun engem temporäre Schoulbushaltestell an der Rue du Centre zu Eileng**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg eng temporär Verkéiersregelung fir d'Uleeë vun engem pro-



Fir eng atomwaffepräi an eng méi friddlech Welt! De 6. August 2025, genee 80 Joer no den Atombomme vu Hiroshima a Nagasaki, hu mir eis zesumme mat anere Lëtzebuerger Gemengen, dem Syvicol an dem japaneschen Ambassadeur zu Wolz versammelt. Dëst am Kader vun der internationaler Beweegung «Mayors for Peace», fir e staarkt Zeeche géint Atomwaffen a fir de Fridden ze setzen. / Pour un monde sans armes nucléaires et pacifique! Le 6 août 2025, exactement 80 ans après les bombardements atomiques d'Hiroshima et de Nagasaki, nous nous sommes rassemblés avec d'autres communes luxembourgeoises, le Syvicol et l'ambassadeur du Japon à Wiltz. Cet événement s'inscrivait dans le cadre du mouvement international «Mayors for Peace», afin d'envoyer un signal fort contre les armes nucléaires et en faveur de la paix.

visoresche Schoulbusarrêt an der Rue du Centre zu Eileng. D'Reegelung steet am Zesummenhang mat dem Sens unique an der Rue des Trois Cantons tëschent Wickreng an Eileng an huet als Zil d'Sécherheet vun de Schoulkanner ze garantéieren.

8. Decompten am Zesummenhang mat extraordinäre Chantieren

De Gemengerot geneemegt eestëmme

- a) en Zwëschencompte am Dossier vun der neier Maison Relais – eng Etapp, déi d'Andreiung vun der leschter Tranche vum Subside erlaabt,
- b) e finalen Decompte fir d'Sanéierung vum Stroossebelag an der Rue Jean-Pierre Hilger zu Reckeng op der Mess.

9. Geneemegung vun zwee Pachtvertreeg

De Gemengerot geneemegt eestëmme Pachtvertreeg vu kommunalen Terrainen. Deen éischte Kontrakt betrëfft Akerland vun 49,20 Ar zu Riedgen, deen zweete betrëfft Flächen zu Eileng.

10. Geneemegung vun enger Konventioun iwwer Naturschutzprojete fir d'Joer 2025

De Gemengerot geneemegt eestëmme eng Konventioun mat dem SICONA iwwert d'Uplanzung vun 18 Uebstbeem op Terrainen zu Reckeng op der Mess, déi vun enger lokaler Famill zur Verfügung gestallt ginn. D'Beem ginn duerch de SICONA gepflegt an de Bongert gëtt gläichzäiteg als Beweidungsfläch fir Schof genotzt, wat d'Biodiversitéit stäerkt.

11. Geneemegung vun zwee notariellen Akten

De Gemengerot geneemegt eestëmme zwee notariell Akten: ee bezitt sech op de Kaf vu Bësch (34,15 Ar) a landwirtschaftleche Flächen (20,65 Ar), am Kader vun enger nohalteger Buedempolitik; deen zweeten Akt betrëfft d'gratis Iwwerdroung vum Terrain vum Lampecher Kierfecht un d'Gemeng, am Kader vun enger 30-järeger Verjünger.

12. Schwämm Monnerech-Dippech – Geneemegung vun engem neien Avenant zur Konventioun

De Gemengerot geneemegt eestëmme en neien Avenant zur Konventioun mat der interkommunaler Schwemm PIMODI. Dëse fixéiert en neie Bedeelegungspräis fir d'Gemeng Reckeng op der Mess am Kader vun de Schwammcoursé fir d'Schoulkanner. Déi héich Käschten erkläre sech duerch d'Erhéijung vun den Energiepräisser a vun de Personalkäschten esouwéi d'Kopplung un den Index.

13. Projete vum Aktiounsplang géint Kaméidi an der Ëmwelt – Avis vum Gemengerot

De Gemengerot gëtt eestëmme e positiven Avis zum Projet vum Aktiounsplang géint Kaméidi an der Ëmwelt of, esou wéi e vun der Ëmweltverwaltung ausgeschafft gouf.

14. Nei Fixatioun vum Verkaufspräis fir d'lessen op Rieder

De Gemengerot geneemegt eestëmme déi nei Verkaufspräisser fir d'lessen op Rieder (Repas sur roues). D'Liwverkäschte ginn och weiderhi vun der Gemeng gedroen, fir d'Accessibilitéit vum Service ze garantéieren.

15. Geneemegung vun engem neie Gemengereglement betreffend d'Allokatioun vun ordinären an extraordinäre Subside fir déi lokal Veräiner

De Gemengerot geneemegt eestëmme dat reformuléiert Gemengereglement iwwert d'Ausbezuue vun ordinären an extraordinäre Subsidien u lokal Veräiner. Den Accent läit dobäi op der Aktivitéit vum Veräin um Gemengenterritoire, op perséinlech Initiativen an op der Bedeelegung vum Veräin un offiziellen Evenementer.

16. Office Social zu Mamer – Ernennung vun engem Gemeengeverrieder am Verwaltungsrot ab dem 1. Januar 2026

De Gemengerot ernannt eestëmme den Här Arsène Guerkinger als neie Verrieder vun der Gemeng Reckeng op der Mess am Verwaltungsrot vum Office social commun zu Mamer ab dem 1. Januar 2026.

17. Geneemegung vun engem temporäre Konzessionsvertrag um Kierfecht vu Reckeng op der Mess

De Gemengerot geneemegt eestëmme een temporäre Konzessionsvertrag um Gemeengekierfecht vu Reckeng op der Mess.

18. Definitiv Schoulorganisatioun vum Joer 2025/2026

De Gemengerot geneemegt eestëmme déi definitiv Organisatioun vum Schouljoer 2025/2026 esou wéi se vum Här Schäffe Christian Tolksdorf virgestallt gouf.

19. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)

Zum Schluss vun der Sëtzung goufen eng Rëtsch Froen opgeworf a behandelt:

D'Méiglechkeet gouf diskutéiert, Wickreng an de GridX mat der Dippecher Gare direkt mam Bus, nom Ofschloss vun de Stroossenaarbechten an der Rue des Trois Cantons, ze verbannen.

Déi ëffentlech Beliichtung gouf an de leschten Deeg ausnamsweis net ausgeschalt, fir am Fall vun Onwierder d'Interventiounen an der Nuecht z'erliichteren.

Et gouf och nogefrot, ob d'Fassad an de Parvis vun der Kierch zu Reckeng op der Mess gekärchert kéinte ginn.

Huis-clos-Séance

De leschte Punkt betrëfft Personalaaffären a gouf aus deem Gronn an enger Huis-clos-séance beschwat.



Jugendhausaktivitäten / Activités de la Maison des Jeunes:

15.07.2025:

Bodykicker @ Esplanade Centre de Rencontre

18.07.2025

Krimidinner / Diner aux détectives @ Maison des Jeunes



La Maison des Jeunes de Reckange

Eis sozial Medien
Nos réseaux sociaux



SCAN ME



SCAN ME



24.07.2025

Analyse d'eau potable

Les résultats des analyses précédentes peuvent être consultés sur notre site
www.reckange.lu/environnement/analyse-deau-potable/

N° échantillon: **25-11258** Date de début des analyses: **21/07/2025**
Votre référence*: **AEP-310-90** Commune de **Reckange-sur-Mess** **Reckange-sur-Mess**
Info complémentaire*: **Mairie Reckange-sur-Mess**
Nature de l'échantillon*: **eau de distribution**
Prélevé le*: **21/07/2025 à 08:20** Prélevé par*: **CHAPEAU - Wester Wassertechnik**
Type d'échantillonnage*: **ponctuel - hors accréditation**
Objectif ISO 19458*: **B**

PARAMETRE(S) par section

MESURES SUR LE TERRAIN (CLIENT)

INDICATEURS

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Température			19.8	°C		

MICROBIOLOGIE

BACTÉRIES

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Bactéries coliformes	#	ISO 9308-2	<1	NPP/100ml	<1	
Escherichia coli	#	ISO 9308-2	<1	NPP/100ml		<1
Teneur en colonies à 36°C	#	ISO 6222	<1	cfu/ml		
Teneur en colonies à 22°C	#	ISO 6222	<1	cfu/ml		
Entérocoques intestinaux	#	ISO 7899-2	<1	cfu/100ml		<1

PHYSICO-CHIMIE

CARACTÉRISTIQUES

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Aspect		SOP 11300 (2)	propre			
Couleur		SOP 11300 (2)	incolore			
Odeur		SOP 11300 (2)	inodore			

INDICATEURS

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
pH	#	ISO 10523	7.5		6.5-9.5	
Température	#	DIN 38404-C4	20.7	°C		
Conductibilité électrique à 20°C	#	ISO 7888	379	µS/cm	2500	
Turbidité	#	ISO 7027	<0.50	FNU		
Dureté carbonatée	#	ISO 9963-1	16	d°f		
Dureté totale (calculée ISO14911)	#		20	d°f		

IONS

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Chlorure	#;D	ISO 10304-1	16	mg/l	250	
Nitrate	#;D	ISO 10304-1	21	mg/l		50
Sulfate	#;D	ISO 10304-1	18	mg/l	250	
Sodium	#;D	ISO 14911	9.9	mg/l	200	
Potassium	#;D	ISO 14911	1.6	mg/l		
Calcium	#;D	ISO 14911	74	mg/l		
Magnésium	#;D	ISO 14911	4.2	mg/l		


NUTRIMENTS

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Ammonium	#;D	ISO 7150-1	<0.02	mg/l	0.50	
Nitrite	#;D	ISO 10304-1	<0.01	mg/l		0.50

Résultats validés le 24/07/2025 par JHO



19.07.2025 - Yoga an der Natur



Orga: natur&ëmwelt Reckeng/Leideleng
@ Reckenger Schoulgaart



07.08.2025 - Pyjama Ride Out



Orga: Vespa Club Roude Léiw Lëtzebuerg a.s.b.l.
@ Huelstrooss & uechtert d'Land



15.08.2025 - Macchina on Tour



Orga: Macchina d'Epoca a.s.b.l.
@ Centre de Rencontre Um Buer & uechtert d'Land

15.09.2025 - Bauerenolympiad



16.09.2025 - Kiermes Virowend




17.09.2025 - Lampecher Kiermes



Orga.: Déi Lampecher Flichteschässer
@ Lampech/Limpach

13. & 14.09.2025 - Haxefest



Orga: CISMR a.s.b.l.
@ Centre d'intervention Pontpierre

*

06.09.2025 - 1^{ère} Messe à Reckange



de Monsieur le Curé Jacques Bruns.
La Chorale Ste.-Cécile et l'a.s.b.l. Frënn vun de Kierchen lui souhaitent la bienvenue.

20.09.2025 - Tournoi de Pétanque

LSAP



Orga: LSAP Reckange/Leudelage
@Aire multisports Reckange

*

28.09.2025 - Journée UPCYCLING, réemploi et valorisation des déchets

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

SIVEC



Orga: SIVEC
@ Parc de Recyclage SIVEC Schiffange

Un petit geste, un grand sourire

Faites (mieux) connaissance AVEC VOTRE VOISIN·E

E klenge Geste, e grousst Laachen
Léiert Ären Noper/Är Nopesch
(besser) kennen.




Journée internationale
des personnes âgées
01/10/25

À L'INITIATIVE DU
Mifa
De Familljeministère

gero
KOMPETENZENTRER
FÜR DEN ALTER

POLICE
LËTZEBUERG 



REPAIR CAFE Lëtzebuerg

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech
05.07.2025

De 5. Juli 2025 huet am Centre de Rencontre zu Eileng e Repair Café stattfonnt. Fräiwëlleger an Awunner hunn zesumme versicht, alen Apparater a Géigestänn aus dem Alldag en 2. Liewen ze ginn – an enger härerlecher a solidarëscher Ambiance. D'Initiativ hëlleft net nëmmen Offfall ze reduzéieren, mee fërdert och den Austausch an d'Deele vu Wëssen a Fäegkeeten.

Le 5 juillet 2025 s'est tenu un Repair Café au Centre de Rencontre à Éhlinge. Bénévoles et habitants s'y sont retrouvés pour donner une seconde vie à des objets du quotidien, dans une ambiance conviviale et solidaire. L'initiative a permis de réduire les déchets tout en favorisant les échanges et le savoir-faire partagé.





KULTURECK
a.s.b.l.
Reckange-sur-Mess

VEILENGER KIERMES

26.07.2025





Op dësem sonnege Samschde moie konnt den Hämmelesmarsch esou just nach ausklénge, do huet d'KultuReck a.s.b.l. pünktlech um 11.01 Auer de Startschoss gi fir déi zweet Editioun vun der Eilenger Kiermes, an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Reckeng op der Mess, mam Jugendhaus Reckeng a mat de Veräiner Chorale Ste.-Cécile, CISMIR a Vespa Club Roude Léiw Lëtzebuerg. Dës Kéier huet d'Wieder och matgeholl, den Eilenger Duerfkär esou richtig schéin opliewen ze loossen. Et konnt ee sech beim Intefëschen a beim Neel a Bamstämm hummeren unenee moossen a vu Kiermeskuch an Ham bis Barbe à Papa konnt ee mat vill leckerem lesse sengem Gomm eng Freed maachen. D'Kiermes ass amgaange sech eng Plaz am gutt gefëllte Reckenger Manifestatiounskalenner ze schafen a mir freeën eis elo schonn op déi drëtt Editioun.

En ce samedi matin ensoleillé, à peine le Hämmelesmarsch s'était-il achevé que l'a.s.b.l. KultuReck a donné, à 11h01 précises, le coup d'envoi de la 2^e édition de la Kermesse d'Ehlinge, organisée avec la commune de Reckange-sur-Mess, la Maison des Jeunes de Reckange ainsi que les associations Chorale Ste.-Cécile, CISMIR et Vespa Club Roude Léiw Lëtzebuerg. Cette fois-ci, la météo a également contribué à faire revivre le cœur du village d'Ehlinge dans une ambiance chaleureuse. Les visiteurs ont pu s'affronter à la pêche aux canards ou au clou dans le tronc d'arbre, et se régaler de gourmandises variées, allant du gâteau de kermesse au jambon jusqu'à la barbe à papa. La kermesse est en passe de se faire une place de choix dans le calendrier déjà bien rempli des manifestations à Reckange, et nous nous réjouissons d'ores et déjà de la 3^e édition.

26.09.2025 - 25^e Anniversaire du CIGR DIREGA Hexemeeschter

De CIGR DIREGA Hexemeeschter huet säi 25. Gebuertsdag mat enger akademescher Sëtzung am Centre Culturel Pëtzenhaus gefeiert. Vill Gäscht ware mat dobäi, fir dëse wichtege Moment festzehalen – ënner anerem den Här Aarbechtsminister Georges Mischo, d'Madamm Gaby Wagner vun der ADEM, den Här President vum CIGR DIREGA Claude Bosseler, d'Madamm Buergermeeschtesch vun Dippach Manon Bei-Roller, d'Madamm Buergermeeschtesch vu Garnich Sonia Fischer-Fantini an den Här Buergermeeschter vu Reckeng op der Mess Carlo Muller. Zanter engem Véierel Jorhonnert steet de Proximitéitsservice de Bierger zur Säit, mat konkrete Gesten an Hëllef am Alldag: Ënnerstëtzung fir eeler Leit, kleng Handwierksaarbechten, Fleeg vun de Gréngflächen oder Hëllef am Haushalt. Déi Servicer maachen net nëmmen den Alldag méi einfach, mee si stäerken och den Zesammenhalt an d'Solidaritéit an eiser Gemeng.

Le CIGR DIREGA Hexemeeschter a fêté son 25^e anniversaire lors d'une séance académique au Centre Culturel Pëtzenhaus. De nombreux invités étaient présents pour marquer cette étape importante, parmi eux Monsieur le Ministre du travail Georges Mischo, Madame Gaby Wagner de l'ADEM, Monsieur le président du CIGR DIREGA Claude Bosseler, Madame la bourgmestre de Dippach Manon Bei-Roller, Madame la bourgmestre de Garnich Sonia Fischer-Fantini et Monsieur le bourgmestre de Reckange-sur-Mess Carlo Muller. Depuis un quart de siècle, le service de proximité se tient aux côtés des citoyens avec des gestes concrets et utiles: aide aux personnes âgées, petits travaux, entretien des espaces verts ou encore soutien dans la vie quotidienne. Autant de services qui facilitent le quotidien, mais qui créent aussi du lien et renforcent la solidarité entre habitants.



Den Här President vum CIGR DIREGA Claude Bosseler
Monsieur le président du CIGR DIREGA Claude Bosseler



Den Här Buergermeeschter vu Reckeng op der Mess Carlo Muller
Monsieur le bourgmestre de Reckange-sur-Mess Carlo Muller



Den Här Aarbechtsminister Georges Mischo
Monsieur le Ministre du travail Georges Mischo







Reckange-sur-Mess

Projet: Eis Dierfer am Wandel vun der Zäit *Projet: Nos villages au fil du temps*

Eis Dierfer, gëschter an haut: an engem éischte Projet wël-
le mir mat Fotoen eis Dierfer am Wandel vun der Zäit do-
kumentéieren.

Dir hutt Fotoe mat Vuen aus eisen Dierfer?

Deelt se mat eis, mir probéieren déi selwecht Foto mat der
selwechter Vue vun haut nozestellen.

*Nos villages, hier at aujourd'hui: pour ce premier projet,
nous voudrions documenter l'évolution de nos villages au fil
du temps.*

Vous avez d'anciennes photos de nos villages?

*Alors partagez-les avec nous et nous tenterons de les recréer
avec la vue d'aujourd'hui.*

”

Denkt un eis, wann Dir de Späicher raumt.
Pensez à nous quand vous rangez le grenier.

patrimoine@reckange.lu • 621 419 126



Save the Date:

Conférence - Les fouilles de Russange

Mir organiséieren eng ëffentlech Presentatioun vun den archäologeschen Fondstécker, déi momentan um Site vun der Réissenger Klaus ausgegruewe ginn. Dës Manifestation, déi am



**Centre de Rencontre zu Eileng,
den 20. November 2025 um 17.00 Auer**

stattfënnt, offrëiert Iech en historesche Bléck op de Site vun der Klaus, souwéi en Abléck an d'Resultater aus de Recherchë vum Archeolog **Yannick Jakobs**, an Zesummenaarbecht mam **Institut National des Recherches Archéologiques (INRA) an Doku+**.

Nous organisons une présentation publique dédiée aux fouilles archéologiques en cours sur le site de la Réissenger Klaus. Cette manifestation, qui se tiendra au

**Centre de rencontre à Ehlang
en date du 20 novembre 2025 à 17.00 heures,**

*vous proposera un regard historique sur le site de la Klaus, ainsi qu'un aperçu des résultats issus des recherches menées par l'archéologue **Monsieur Yannik Jakobs**, en collaboration avec **l'Institut National de Recherches Archéologiques (INRA) et Doku+**.*



NaturPakt

Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur

Wëllstauden a Geseemsmëschungen fir Lëtzebuerg aus zertifizéiertem regionalem Ubau



Et ass nees Zäit fir Blummewisen a Staudebeeter unzeleeën.
Besuergt lech elo déi passend LUX-Mëschung oder LUX-Stauden!



Blummewise fir méi Biodiversitéit

D'Uleeë vun aarteräiche Blummewisen hëlleft an der Biodiversitéits-Kris d'Veilfalt vun eisen Insektenarten ze ënnerstëtzen. Dës Wise bidde villen Insekten Liewensraum a Fudderreserven. Allerdéngs ginn net all Geseemsmëschungen dësere Aufgab gerecht! Den Naturschutzsyndikat SICONA recommandéiert déi qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschunge mat heemesche Wëllplanzen aus zertifizéiertem regionalem Ubau vu Wëllplanzesom Lëtzebuerg.

Staudebeeter an naturno Gäert

Och déi gebittseegen a méijoereg Wëllstauden begeeshten net just eis Mënschen, mee och eis sëlleg Insekten an aner Déieren. Wëllt och Dir an Ärem Gaart dat liewegt Dreiwé vum Insekten a Vuile souwéi déi faarwefrou Bléiepracht vu wëlle Planzen genéissen? Da sollten déi nei Wëllstauden vu Wëllplanzesom Lëtzebuerg onbedéngt eng Plaz an Äre Beeter a Backe fannen. Och Blummewise loosse sech flott mat wëlle Stauden beräicheren.

Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?



Fir Flächen an den Dierfer a Stied stinn folgend Mëschungen zur Verfügung:


- LUX-Blumenwiese
- LUX-Blühender Schotterrasen
- LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen
- LUX-Fugenmischung

Verkaufsplazen an Ärer Géigend:

Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg & co-labor
Colmer-Bierg, De Verband V Shop
Diddeleng, Fondation Kräizbierg
Dippech, Mon Jardin
Réiser, Haus vun der Natur
Léiweng, De Verband V Shop
Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
Réiden /Atert, Op der Schock & Waasserhaus
Steessel, Bamschoul Becker
Tënten, Paysages & Pépinière WAGENER-KOX
Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

Wou kann ee LUX-Staude kafen?

Bei folgende Partner kënnen LUX-Staude kauft ginn:



Ganz NEI
dëst Joer!



Weider Verkaufsplazen a vill zousätzlech
Informatiounen iwwert
Wëllplanzesom Lëtzebuerg
fannt Dir op: www.willplanzen.lu



Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu
www.sicona.lu

Wëllplanzesom Lëtzebuerg gëtt vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit finanziéiert a vum Naturschutzsyndikat SICONA koordinéiert.





Klimabonus Mouer a Wiss

Prämie

für die Erbringung von Ökosystemleistungen von
Feuchtgebieten & umweltsensiblen artenreichem Grünland



Honorierung der Umweltleistungen der Grünland- und Feuchtgebiete

Das Förderprogramm im Rahmen des Klimabonus des Umweltministeriums zielt auf die Honorierung von privaten Grundbesitzern, auf deren Land sich geschützte Grünland- und Feuchtbiotope befinden. Zielsetzung dieser Prämie ist die Anpassung an die Auswirkungen des Klimawandels, denn intaktes artenreiches Grünland ist widerstandsfähiger gegenüber Änderungen des Klimas.

Artenreiche Grünlandbiotope erfüllen zahlreiche Leistungen für uns Menschen:

- Kohlenstoffspeicher
- Natürlicher Wasserfilter
- Wasserspeicher
- Schutz vor Erosion
- Förderung von Bestäubern
- Naherholung
- Lebensraum für eine Vielzahl an Pflanzen- und Tierarten

Um diese wertvollen Leistungen zu erfüllen,
müssen die Ökosysteme funktionsfähig bleiben!

Sie helfen dabei!



An wen richtet sich die Prämie?

Berechtigt ist jeder private Grundbesitzer, der in der Grünzone gelegene Bestände ausgewählter Grünland- und Feuchtbiotope aufweisen kann und sich für zehn Jahre zu deren Erhaltung oder Verbesserung verpflichtet. Als Grundlage dienen die im Geoportal einsehbaren Flächen, die im Rahmen des Biotopkatasters erfasst wurden.



Aufruf zum Schutz unseres Grundwassers und zur ordnungsgemäßen Meldung bestehender Entnahmebohrungen und -brunnen, denn...

... 50% des Trinkwassers in Luxemburg stammt aus Quellen und Bohrungen, die das Grundwasser anzapfen. Ein neues, vollständiges Inventar aller Entnahmebohrungen und -brunnen erlaubt einen effizienten Schutz unseres Grundwassers, der uns allen zugutekommt. In diesem Sinne weist die Wasserverwaltung auf die Bedingungen für Grundwasserbohrungen und Brunnen hin und ruft alle BürgerInnen dazu auf bestehende Brunnen ordnungsgemäß zu melden.

Zwei Genehmigungen erforderlich

Für die Entnahme von Grundwasser aus neuen Bohrungen, sind zwei Genehmigungen und eine Vorabprüfung (Screening) der EIE (Evaluation des incidences sur l'environnement) nötig.

Weitere Informationen sind dem unten, als QR-Code verlinkten, kompletten Flyer zu entnehmen.

Die Grundwasserfassung - Was es zu beachten gilt

Zum Erhalt einer Genehmigung ist der adequate Schutz des Grundwassers Voraussetzung. Es dürfen keine Schadstoffe in das Grundwasser gelangen und der Zugriff von Unbefugten muss unterbunden werden. Das Beispiel einer genehmigungsfähigen Bohrung zur Grundwasserentnahme findet sich in der anschließenden Abbildung.

Anschluss


Die Leitungen des öffentlichen Trinkwasserversorgers und die der privaten Grundwasserfassung dürfen in keinem Fall direkt miteinander verbunden werden. Dies um eine Kontamination des Trinkwassernetzes der Gemeinde zu verhindern.

Rückschlagventile stellen keinen ausreichenden Schutz dar. Beide Wasserleitungen müssen unabhängig voneinander sein (physische Trennung).

Ein Beispiel für eine physische Trennung ist in der unten dargestellten Abbildung zu sehen.

Inventar

Um ein neues, vollständiges Inventar aller Bohrungen und Brunnen erstellen zu können, bitten wir Sie das Meldeformular (QR-Code) auszufüllen und an uns zu übermitteln.



NaturPakt

Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur



De 25. Juli 2025 huet d'Gemeng Reckeng op der Mess d'Naturpakt-Trophée entgéintgehol, als Unerkennung vum éischten erreechten Niveau, also d'Basiszertifikatioun (40%), am nationale Programm fir Biodiversitéitsschutz. / Le 25 juillet 2025, la commune de Reckange-sur-Mess a reçu le trophée Pacte Nature, marquant l'atteinte du premier palier officiel, donc la certification de base (40%), dans ce programme national de protection de la biodiversité. D'Naturpakt-Team, v.l.n.r. / L'équipe Pacte Nature d.g.à d.: Anik Geschwindt, Jessica Lourenço, Elisabeth Hilger, Bill Glesener, Luca Sannipoli, Magali Jacob, Melissa Leoci, Carlo Muller (Bourgmestre), Marc Ludwig (Echevin Pacte Nature)



De 17. September huet de Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, zesumme mat der Gemeng Reckeng op der Mess, de Comité de pilotage (COPIL) Natura 2000 „LIAS-Uelzechtdall“ offiziell inauguréiert.

Mat der Ënnerschrëft vun der Charte ass dëse COPIL elo den aachten an domat och leschte Comité am Land, woumat ganz Lëtzebuerg ofgedeckt ass.

D'Grënnung vun de COPILen ass eng konkret Ëmsetzung vum Naturschutzgesetz, mam Zil eng proaktiv Plattform fir lokal, regional a kommunal Acteuren ze schafen. Dëst soll eng effizient Gestiou vun den Natura 2000-Gebidder um Terrain garantéieren - ënnert Berücksichtigung vun den ökologeschen, ekonomeschen, sozialen a kulturellen Ufuerderungen.

D'Gemeng Reckeng op der Mess ass houfreg, Deel vun dësem COPIL an domat och vum Natura 2000-Netzwerk ze sinn, a setzt sech aktiv fir d'Erhale vun der Biodiversitéit an den Naturschutz an.

Le 17 septembre, le ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, a inauguré officiellement, aux côtés de la commune de Reckange-sur-Mess le comité de pilotage (COPIL) Natura 2000 «LIAS-Uelzechtdall».

Avec la signature de la charte, ce COPIL devient le huitième et dernier comité du pays, assurant ainsi une couverture de l'ensemble du territoire national.

La création des COPILs constitue une mise en œuvre concrète de la loi sur la protection de la nature, visant à établir une plateforme proactive pour les acteurs locaux, régionaux et communaux. Elle garantit une gestion efficace des sites Natura 2000 sur le terrain, en tenant compte des exigences écologiques, économiques, sociales et culturelles.

La commune de Reckange-sur-Mess est fière de faire partie de ce COPIL et donc du réseau Natura 2000, et de s'engager activement pour la préservation de la biodiversité et la protection de la nature.

**Méi Informatiounen iwwert d'Natura 2000-Netzwerk an d'COPILen fannt Dir op:
Plus d'informations sur le réseau Natura 2000 et les COPILs:**

natura2000.lu

NATURA 2000
COPIL LIAS – Uelzechtdall



Mir gratuléieren / *Félicitations*



Hochzäit / 16.07.2025
Tania Cagnato & Pietro Moschetti



PACS / 09.09.2025
Zhai Xinyi & Liu Guanchen



Hochzäit / 13.09.2025
Nadine Jakoby & Andrew Gliedner



Hochzäit / 27.09.2025
Amanda Carvalho Simões & Mauro Mariani

Mir gratuléieren / *Félicitations*



Diamantenhochzäit / 11.09.2025
Marie Ecker & Emile Marso



KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD

Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

65%

Comparez les bornes et les systèmes de gestion pour votre copropriété

La mobilité électrique soulève de nouveaux défis, surtout en copropriété. Le **comparateur de bornes** vous aide à faire les bons choix : bornes.klima-agence.lu

Trouvez la solution de charge optimale - Identifiez les bornes adaptées à votre situation – selon le type de bâtiment, la puissance, le mode d'installation et plus encore.

Des systèmes de gestion pour plus d'efficacité - Ces systèmes permettent une gestion intelligente de la charge, une facturation individualisée et une meilleure utilisation de l'énergie, y compris celle produite par votre installation photovoltaïque.

Une compatibilité facilitée - La plateforme met en avant les combinaisons possibles entre bornes et systèmes de gestion – pour des installations évolutives, prêtes pour l'avenir.

Conseil indépendant et gratuit : klima-agence.lu • 8002 11 90





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Co-funded by
the European Union





*



Manifestatiounskalenner

25. Oktober 2025

Halloweenlaf

Wou: Gemengenatelier

Organisatioun: Sportskommissioun Reckeng op der Mess

13. Dezember 2025

Chrëschtmaart

Wou: Rue du Ruisseau zu Lampech

Organisatioun: Déi Lampecher Flichteschësser

15. November 2025

Vëlkerballturnéier

Wou: Sportshal Reckeng

Organisatioun: Jugendkommissioun Reckeng op der Mess

4. Januar 2026

Ensemble vocal „Les Enchantées“

Wou: Reckenger Kierch

Organisatioun: KultuReck Reckeng op der Mess

15. November 2025

Concert - Lillie & Friends

Wou: Centre Culturel Pëtzenhaus - Bar

Organisatioun: KultuReck Reckeng op der Mess

13. Dezember 2025

Chrëschtmaart

Wou: Rue du Ruisseau zu Lampech

Organisatioun: Déi Lampecher Flichteschësser

20. November 2025

Conférence: les fouilles de Russange

Wou: Centre de Rencontre Um Buer, Salle Quääärten

Organisatioun: Kommissioun fir d'Geschicht & INRA (cf. p 35)

22. November 2025

Quizowend

Wou: Centre Culturel Pëtzenhaus

Organisatioun: Déi Lampecher Flichteschësser

29. November 2025

Reckenger Chrëschtmaart

Wou: Duerfplaz zu Reckeng & Pëtzenhaus

Organisatioun: Gemeng Reckeng op der Mess

12. Dezember 2025

Kinosowend

Wou: Centre Culturel Pëtzenhaus

Organisatioun: Jugendkommissioun Reckeng op der Mess





Administration communale
de Reckange-sur-Mess